A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## Kapitel 6

# Léisungen Kapitel 6

## *Am Quartier* Säit 90-91

*1. Wat soen d'Leit um Bild? Schwätzt mat Ärem Noper a proposéiert ee bis zwee Sätz fir all Situatioun.*

*2. Lauschtert d'Texter a schreift déi richteg Zuel bei déi richteg Situatioun.* ***111***




*4. Wat fir Wunnengstyppe kennt Dir? Notéiert.*

*Zum Beispill:*

Wunnengstyppen
- **Hotel**
- **Studio**
- **Residence**
- Haus
- **Villa**
- **Appartement**
- **Wunngemeinschaft**

# Léisungen **Kapitel 6**

## *Eng Wunneng – En Doheem* Säit 92

### *1. Liest den Chat. Markéiert d'Äntwerten op dem Philip seng Froen.*

Ma ech hunn nach e puer Froen:
- Ass d'Zëmmer miwweléiert?
- Wéi vill Persoune wunnen am Appartement?
- Vu wéini un ass d'Zëmmer fräi?
Merci fir all Info,
Philip

Moie Philip,
Merci fir däin Intressi.
Mir hu bis elo zu dräi hei am Appartement gewunnt, mä eis Matbewunnerin Pascale plënnert d'nächst Woch bei säi Frënd.
D'Zëmmer ass also vun deem Moment u fräi.
D'Pascale hëlt net alles mat, säi Kleederschaf a säi Bett bleiwen zum Beispill hei.
Valerio

### *2. De Philip wëll e Rendez-vous mam Valerio ausmaachen, fir d'Wunneng kucken ze goen. Schreift den Chat fäerdeg.*

*Zum Beispill:*

Philip:
Salut Valerio, kann ech eng Kéier kucke kommen? Muer den Owend oder de Weekend?

Valerio:
Natierlech! Muer um 18:30 ass gutt, dann ass mäin anere Matbewunner och do.
D'Adress ass: 8, Lannewee, d'Nimm op der Schell sinn Dubois, Frantz, Picci.
Bis muer!

Philip:
Super, bis muer!

### *3. Lauschtert den Dialog a kuckt d'Skizzen. Wat fir en Appartement beschreift de Philip? Kräizt déi richteg Skizz un.* 117

X





# Léisungen **Kapitel 6**

## *Eng Wunneng – En Doheem* Säit 93

*5. Liest de Vocabulaire a kuckt d'Illustratiounen. Wat gesitt Dir op de Biller? Schreift d'Wierder bei d'Biller.*

Schlofzëmmer:

Buedem, Mauer, Plafong, Bett, Kleederschaf, Nuetsdësch, Luucht, Kommoud

Buedzëmmer:

Buedbidden, Lavabo, Teppech, Spigel, Dusch, Dier, Buedem, Plafong, Mauer



Stuff:

Dësch, Still, Bild, Canapé, Fotell, Steeluucht, Bicherregal, Salonsdësch, Buedem, Mauer

Kichen:

Fënster, Spullsteen, Kachmaschinn, Frigo, Spullmaschinn, Regal, Buedem, Mauer

*6. Liest d'E-Mail. Beäntwert d'Froen zu zwee.*

1. Wuer wëllt de Philip d'Bett stellen?
   **Hie wëllt d'Bett widdert d'Mauer oder an d'Mëtt vum Raum stellen.**
2. Wuer kënnt d'Luucht?
   **D'Luucht kënnt niewent d'Fënster oder tëschent den Dësch an d'Bett.**
3. Wuer kënnt den Teppech?
   **Den Teppech kënnt virun d'Fënster.**
4. Wuer kënnt dem Annick säi Bild?
   **Dem Annick säi Bild kënnt iwwert d'Bett.**

# Léisungen **Kapitel 6**

## *Eng Wunneng – En Doheem* Säit 94-95

### *7. Wat fir eng Prepositioun passt? Notéiert.*

1. D'Annick stellt d'Vas **op** den Dësch.
2. Hatt hänkt de Mantel **un** d'Mantelbriet.
3. De Philip stellt d'Bicher **an** d'Regal.
4. Hie leet d'Zäitschrëften **ënnert** den Dësch.
5. Hie réckelt den Dësch **widdert** d'Mauer.
6. D'Annick stellt d'Bild **hannert** d'Dier.
7. Si stellen d'Fotell **tëschent** de Schaf an den Dësch.
8. D'Annick hänkt de Poster **iwwert** de Canapé.
9. Si stellen de Schreifdësch **virun** d'Fënster.
10. Hatt stellt eng Planz **niewent** d'Regal.

### *8. Lauschtert den Text. Ass dat richteg oder falsch? Kräizt un.* *118*

| | R | F | |
|---|---|---|---|
| 1. D'Anne stellt d'Bicher an d'Regal. | ☒ | ☐ | *(Feeler am Buch!)* |
| 2. Am Keller steet nach e Bicherregal. | ☐ | ☒ | |
| 3. Den Dësch ass ze kleng fir an d'Kichen. | ☐ | ☒ | |
| 4. D'Julie lauschtert gär Musek um Handy. | ☒ | ☐ | |
| 5. D'Luucht steet besser niewent der Fotell. | ☐ | ☒ | |
| 6. D'Julie hänkt d'Plakat iwwert d'Regal. | ☐ | ☒ | |

### *9. Liest d'Sätz a sträicht dat falscht Verb duerch.*

1. De Canapé steet/~~stellt~~ bei der Fënster.
2. D'Anne an d'Julie ~~stinn~~/stellen de Schaf widdert d'Mauer.
3. De Philip wëll keen Teppech op de Buedem ~~leien~~/leeën.
4. D'Julie ~~sëtzt~~/setzt sech op d'Fotell.
5. De Valerio läit/~~leet~~ bis 11 Auer am Bett.
6. Den Teppech läit/~~leet~~ ënnert dem Dësch.
7. D'Anne sëtzt/~~setzt sech~~ virun der Fënster.
8. D'Annick ~~läit~~/leet seng Posch op de Stull.

# Léisungen Kapitel 6

## *Eng Wunneng – En Doheem* Säit 96

*13. Lauschtert den Dialog a kuckt d'Fotoen. Si schwätze vun deene véier Stuffen. Wéi ass d'Reiefolleg? Schreift d'Zuelen 1 bis 4 bei d'Fotoen.* *119*

3



4



1



2



## *Um Nopeschfest* Säit 97

*2. Liest d'Texter nach eng Kéier. Wat ass positiv? Wat ass negativ? Notéiert Stéchwierder an en Tableau a vergläicht duerno mat Ärem Noper.*

*Zum Beispill:*

| positiv | negativ |
|---|---|
| d'Schoul ass nobäi<br>et ass roueg<br>d'Nopere si frëndlech an hëllefsbereet<br>gutt Verbindungen an d'Stad<br>flott fir Kanner<br>net direkt un der Haaptstrooss<br>zwou Spillplazen an der Géigend | knaschteg<br>Kaméidi<br>d'Nopere reagéieren ni op d'Reklamatiounen<br>d'Poubellë sinn ëmmer voll a sténken |

*3. Lauschtert d'Gespréich a beäntwert d'Froen.* *121*

1. Wéini ass de Philip geplënnert?
   **Hien ass eréischt d'lescht Woch geplënnert.**
2. Wéi sinn dem Philip seng Noperen?
   **Seng Nopere sinn an der Rei.**
3. Wéi fiert hien an d'Stad?
   **Hie fiert mam Bus an d'Stad.**
4. Wat gëtt et an der Géigend?
   **An der Géigend gëtt et eng Epicerie, e klenge Fitnessstudio mat Solarium an e flotte Café mat enger Terrass. D'Autobunn an de Bësch sinn och net wäit ewech.**

# Léisungen **Kapitel 6**

## *Wat däerf een? Wat däerf een net?* Säit 98-99

*1. Liest a lauschtert d'Dialoger. Wat sinn d'Sujete vun de Gespréicher? Kuckt d'Wierder an der Këscht a schreift en Titel bei all Dialog.* *122-126*

**A Kanner**

**B Propretéit**

**C Hausdéieren**

**D Sécherheet**

**E Kaméidi**

*2. Liest d'Dialoger nach eng Kéier. Wat fir e Saz ass richteg? Kräizt un.*

1.
- ☐ Kanner mussen eleng op der Wiss spillen.
- ☐ Kanner däerfen eleng op der Wiss spillen.
- ☒ Kanner däerfen net eleng op der Wiss spillen.

2.
- ☒ Et däerf een en Hausdéier hunn.
- ☐ Et däerf ee keen Hausdéier hunn.
- ☐ Et muss een en Hausdéier hunn.

3.
- ☐ Et däerf een d'viischt Dier nuets net zouspären.
- ☐ Et muss een d'viischt Dier nuets net zouspären.
- ☒ Et muss een d'viischt Dier nuets zouspären.

4.
- ☐ Et däerf ee Miwwelen an de Gank stellen.
- ☒ Et däerf ee keng Miwwelen an de Gank stellen.
- ☐ Et muss ee keng Miwwelen an de Gank stellen.

5.
- ☐ No 22 Auer däerf et roueg sinn.
- ☐ No 22 Auer däerf et net roueg sinn.
- ☒ No 22 Auer muss et roueg sinn.

*4. Lauschtert d'Gespréich. Wat däerf een* **net** *maachen? Sträicht déi Aktivitéiten duerch.* *127*

~~fëmmen~~
en Instrument spillen
~~sangen~~
seng Wäsch am Gaart ophänken
~~Blumme virun d'Fënster hänken~~
d'viischt Dier op stoe loossen
~~Hausdéieren hunn~~

*5. Wat däerf ee bei der Madame maachen? Wat net? Schwätzt zu zwee a maacht Sätz.*

Et däerf een net fëmmen.
Et däerf een en Instrument spillen.
Et däerf een net sangen.
Et däerf ee seng Wäsch am Gaart ophänken.
Et däerf ee keng Blumme virun d'Fënster hänken.
Et däerf een d'viischt Dier op stoe loossen
Et däerf ee keng Hausdéieren hunn.

# Léisungen **Kapitel 6**

## *E Wee beschreiwen* Säit 100

### *2. Wat fir Expressioune kënnt Dir **net** an der Äntwert benotzen? Sträicht se duerch.*

Et deet mir leed, mä ech kann net kommen.
Villmools Merci fir d'Invitatioun, ech komme gär.
~~Wou wunns du?~~
Kanns du mir soen, wéi ech bei dech kommen?
~~Ech hu keen Honger.~~
Super, ech freeë mech. Wat fir e Bus fiert an de Lannewee?
Flott! Merci fir d'Invitatioun … Kann ee bei dir virun der Dier parken?
~~E Samschdeg reent et.~~
Dat ass super! Wéi kommen ech am beschten an de Lannewee?
Immens! Kanns du mir eng Weebeschreiwung schécken?

### *3. Äntwert positiv op d'Invitatioun. Frot an der Äntwert nom Wee.*

*Zum Beispill:*

Salut Philip!
Villmools Merci fir d'Invitatioun! Ech komme ganz gär. Ech kann awer eréischt fir 18 Auer do sinn. Ech kenne mech net gutt aus an der Stad. Wéi kommen ech mam Auto am beschte bei dech? A gëtt et genuch Parkplazen an der Géigend?
Ech freeë mech!
Bis geschwënn dann,
Nathalie

### *4. Liest d'Weebeschreiwung. Wat ass richteg, wat ass falsch? Kräizt un.*

| | R | F |
|---|---|---|
| 1. De Bus Nummer 15 fiert direkt an de Lannewee. | ☐ | ☒ |
| 2. D'Rue des Romains ass eng Sakgaass. | ☐ | ☒ |
| 3. An der Rue de l'Eglise muss een déi éischt Strooss lénks fueren. | ☒ | ☐ |
| 4. Virun der Dier si vill Parkplazen. | ☐ | ☒ |
| 5. De Parking kascht samschdes näischt. | ☒ | ☐ |

# Léisungen **Kapitel 6**

## *E Wee beschreiwen* Säit 101

*5. Liest d'Weebeschreiwung. Ënnersträicht d'Verben am Imperativ (Uerder).*

<u>Huelt</u> de Bus Nummer 15 a <u>klammt</u> um Arrêt Äppelwee <u>eraus</u>.

<u>Gitt</u> déi lescht 200m zu Fouss.

<u>Fuert</u> net an d'Rue des Romains <u>eran</u>.

<u>Fuert</u> an der rue de l'Eglise déi éischt Strooss lénks.

<u>Parkt</u> net virum Haus.

*7. Kuckt d'Schëlter a liest d'Wierder. Wat bedeiten d'Schëlter? Verbannt.*

*8. Lauschtert den Dialog. Nummeréiert uewen d'Schëlter an der Reiefolleg, wéi se am Dialog virkommen.* *128*



# Léisungen **Kapitel 6**

## *E Wee beschreiwen* Säit 102

*10. Kuckt d'Biller a liest, wuer den Änder geet a wou hien ass.*
*Wat passt zesummen? Kombinéiert.*




1. Hie geet riichtaus.
2. Hie geet déi zweet Strooss no lénks.
3. Hie geet laanscht de Supermarché.
4. Hien ass bei der rouder Luucht.
5. Hie geet iwwert d'Strooss.
6. Hien ass niewent der Pâtisserie.
7. Hie geet duerch de Park.
8. Hie geet bis bei d'Spillplaz.
9. Hie geet ronderëm d'Spillplaz.
10. Hien ass um Eck.
11. Hien ass hannert dem Kiosk.
12. Hien ass virum Café.
13. Si ginn an d'Gebai.
14. D'Gebai ass vis-à-vis vum Café.

## *Aussprooch: De Buschtaf <g>* Säit 103

*2. Lauschtert d'Wierder. Schreift se an déi richteg Linn.* *132*

[e:] Leeder, Seel, Eemer, Reen, egal, Keess, mega, **Rees**, **Wee**
[e] strécken, meng, déck, zéng, Réng, Méck, seng, **Déngscht**, **Gléck**
[æ] strecken, meckeren, hell, Zell, Steng, Blech, Decken, **Schell**, **Welt**
[ə] Këscht, nëtzlech, fënnef, mëndlech, Apel, eraus, lafen, **mëll**, **Drëpp**

# Léisungen **Kapitel 6**

## *Op der Aweiungsparty* Säit 104

*1. Lauschtert d'Gespréich e puermol an ergänzt den Text.* *133*

- Hey Philip, super Party !
- *Merci Dennis. Schéin, dech emol erëm ze gesinn.*
- Jo, dech och. **Mä et war net einfach**, fir heihinner ze kommen.
- *Ah sou?*
- Jo, ech hunn net opgepasst a sinn an e Sens interdit eragefuer. Ee Gléck huet kee mech gesinn!
- *Oh mei. Mä elo bass du jo hei.*
- Jo. An ech muss soen, du hues wierklech e flott Appartement.
- *Merci,* **ech si ganz frou hei**. *Hues de meng zwee Matbewunner scho kenne geléiert?*
- Jo, zwee ganz sympathesch Kärelen. Sinn deng Noperen och esou fein?
- *Jo, bis elo hat ech nach kee Problem.*
- Dann hues du Chance, mäin Noper mécht mech geckeg. Hie kënnt nuets heem an **da mécht hie vill Kaméidi am Gank**.
- *Hues du dann net reklaméiert?*
- Dach. Et ass dann e puer Deeg roueg an duerno passt hien erëm net méi op. Mä an engem Mount plënnert hien, dann hunn ech endlech meng Rou.
- *Wie weess, vläicht ass deen nächsten Noper nach méi schlëmm.*
- Villmools Merci fir däin Optimismus!
- Salut, dir zwee.
- Hey Jennifer. An, hues de dem Philip **säin Zëmmer scho gesinn**?
- Nee, nach net. Kann ech et eng Kéier kucke goen?
- *Jo sécher, komm mat.*
- Elo hat ech bal vergiess, hei ass däi Kaddo.
- *Eng japanesch Téikan! Flott, Merci!* **Ech stelle se am beschten hei op den Dësch**.
- Nee, stell se op d'Regal, do gesäit ee se besser. A réckel den Dësch e bëssen no lénks, dann hues de méi Plaz.
- *Ok Chef!*
- Wat kann ech soen, ech sinn ebe Perfektionist. Kanns de déi Mauer do net rout oder orange usträichen?
- *Nee, mir däerfe keng grouss Verännerungen am Zëmmer maachen. Mä egal, mir gefält et esou.*
- Hm. **Du muss eng Kéier bei mech kommen**. Ech hunn eng rout Mauer an der Stuff an eng mof Mauer am Schlofzëmmer. E bësse Faarf muss sinn!

*3. No der Party schreift d'Jennifer enger Frëndin e Message. Wat schreift hatt? Wat mengt Dir? Schreift e klengen Text.*

*Zum Beispill:*

Salut Jackie! 😀
Ech si grad heemkomm, dem Philip seng Party war mega!
Ech hu vill fei Leit kenne geléiert. Muer de Mётteg treffe mer eis am Stater Park. Hues du Zäit a Loscht, fir och ze kommen? DK!